

(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung säit de Moien eng Kommunikatioun ze maachen, Här Premier?

(Négation)

Très bien.

2. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par Mme Francine Closener

Da ginn ech d'Wuert der Madamm Francine Closener fir den Depot vun engem Änderungsversuch vum Chamberreglement. Madamm Closener.

Exposé

Mme Francine Closener (LSAP), auteure | Villmools merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, heimadder deposéieren ech dann also am Numm vun der Petitiounskommissioun eng Proposition, fir d'Chambersreglement ze änneren.

8397 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au Titre V, Chapitre 11 « Des pétitions »

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Closener.

Mme Francine Closener (LSAP), auteure | An zwar geet et eebe prezis ëm d'Kapitel 11 iwwert d'Petitiounen.

Här President, jidderee vun eis heibannen ass sech jo der Bedeutung vum Instrument vun de Petitiounen bewusst, fir d'Bierger un der Politik ze bedeelegen. Den 12. Mäerz 2014 ass dat Instrument, sou wéi mer et haut kennen, fir d'éischte Kéier a Kraaft getrueden an zanterhier sinn am Ganzen 225 ordinär Petitiounen erakomm an 2.647 éffentlech Petitiounen waren online. Dat huet am Ganzen zu 77 Débats publics heibanne gefouert. A besonnesch an deene leschten dräi Joer ass d'Zuel vun deenen Debaten, vun den Hearingen immens geklommen.

Dat alles weist den Interessi vun de Biergerinnen a Bierger un der Politik, un der Partizipatioun um politesche Gescheën. An dat ass ganz gutt esou. A genee deen Interessi an och d'Bedeutung vun dëser Biergerbedeelegung wëlle mer a mussen mer héichhalen. An dowéint gëtt et no zéng Joer Zäit, fir eeben d'Chamberreglement an deem Punkt ze moderniséieren.

D'Proposition, déi mir an der Petitiounskommissioun ausgeschafft hunn, bréngt, éischstens emol, méi Transparenz vun de Prozeduren, a genee dat féiert zu méi Vertrauen och an d'Aarbecht vum Parlament. Objektiv, transparent an offiziell Reegelen, déi kloer definéiert sinn, sinn am Sënn vun de potenzielle Petitiounären. Mir proposéieren nämlech eng Lëscht vun am Ganzen eelef Kittären, déi erfüllt mussen sinn, fir datt eng Petitioun recevabel ass.

Domadder geet den Taux vun de Petitiounen, déi online kënnen goen, mat Sécherheet an d'Luucht. De Petitiounär an och d'Chamber spueren domadder ganz vill Zäit an Aarbecht, et ass am Sënn vun der Sécurité juridique, d'Decisiounen vun der Commissioun ginn domadder méi previsibel, méi kohärent a méi novellzéibar.

Eng aner wichteg a vill diskutéiert Ännerung ass d'Eropsetze vum Seuil, deen eng Petitioun muss erreechen, fir dass et zu engem Débat public ka kommen. Dat war keng einfach Diskussioun a scho guer keng einfach Decisioun. An dat ass mir och ganz wichteg hei ze betounen, datt all eenzelne Member vun der Commissioun och weiderhin absolutt Débats publics wëll. Kee wëll dat verhéieren!

Deene meeschte Membere geet et awer och drëm, dass mer dat Instrument net bradéieren a banaliséieren. Mir wëllen, datt Débats publics hir Bedeutung an hir Effikassitéit behalen. A virun allem ass et kruzial, datt d'Chamber amstand ass, e richteg Suivi vum Débat ze garantéieren. Esou en Hearing muss e Suivi kréien, soss verléiert d'Instrument un Effikassitéit, d'Leit verléieren d'Vertrauen an eis, an dat wier deemno kontraproduktiv.

Duerfir proposéiert d'Commissioun eng kloer an objektiv Formule, no där dee Seuil berechent gëtt. Am Ufank vun all Legislaturperiod gëtt déi Berechnung erëm gemaach. Si ass de Spiegel vum Wuesstum, vun der Populatioun a vun de Frontalieren. An de Seuil géif deemno elo op 5.500 Signaturé gehéicht ginn.

Aner Neierungen nach ganz kuerz: Wann eng Petitioun de Seuil erreecht, da muss den Débat bannent véier Méint stattfannen. Domadder verhéieren mer, datt zum Beispill e Minister, deen net erpicht drop wier, iwwert e Sujet ze diskutéieren, den Débat op Mokuchsdag verréckele kéint. Iwwregens leeë mer awer och fest, datt, wann en Débat public stattfënnt an de Petitiounär einfach net kënnt – Dir erënnt Iech drun, datt mer dee Fall virun e puer Méint hei haten –, dann an deem Fall dee Petitiounär während zwee Joer keng Petitioun méi däerf erareeche. Mir schafen och eng Recoursméiglechkeet.

An da gesäit d'Proposition och fir, datt an Zukunft deen, deen eng Petitioun wëll deposéieren, sech och entweder mat LuxTrust muss identifizéieren oder mat engem änleche Moyen, deen et an eisen Nopeschlänner gëtt. Alternativ kann een natierlech och d'Petitioun perséinlech an der Chamber deposéieren oder seng Signature op der Gemeng legaliséieren loossen. Et muss séchergestallt ginn, datt e Petitiounär och wierklech deen ass, fir deen e sech ausgëtt, an net d'Identitéit vun enger anerer Persoun ka méssbrauchen.

Voilà, dat sinn d'Hauptpunkte vun der Proposition vun der Commissioun. Mir hunn eis a fénnef Sëtzingen intensiv domadder beschäftegt. An erlaabt mer och ze soen, dass mer frou wieren, wann déi Neierungen bei der Rentrée vum Parlament am Hierscht kéinten a Kraaft trieden.

Ech wëll de Kolleginnen a Kollegen och e grouse Merci soe fir déi flott an exzellent Zesummenaarbecht an der Commissioun an déi ganz gutt Ambiance, déi eis trotz hei an do ënnerschiddleche Meenungen awer ëmmer erhalen bliwwen ass. Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Closener.

3. Débat sur la politique générale sur l'état de la nation (suite)

An da komme mer un d'Suite vun der Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun. Et sinn elo fir haut de Mëtten nach ageschriwwen: d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement, den Här Marc Baum, d'Madamm Diane Adehm an d'Madamm Carole Hartmann. An dann als éischt Riednerin vun de Mëtten huet d'Madamm Sam Tanson d'Wuert. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Här President, Här Premierminister, Är Regierung ass elo bal siwe Méint am Amt a fir et an Ärem CEO-Jargon ze soen: D'Période d'essai ass definitiv eriwuer! Et ass dowéinst den Ament, éier mer op d'Lag vum Land kucken, och en éischten Tëschebilan vun dëser Regierung ze zéien. Wat ass bis ewell geschitt? Wou hutt Der Akzenter gesat? Wat ass d'Visioun vun dëser Regierung? Respektiv: Huet se eng Visioun?

VLäicht ugefaange mat deem leschte Punkt: Dir sot gëschter, Dir wéilt „gestalten an net just verwalten“. Ech muss Iech awer soen, datt op d'mannst dat, wat mer gëschter héieren hunn, mat Gestaltung nëmme wéineg ze dinn huet. Prozeduren, Commissiounen, Digitaliséierung a Steieren erofsetzen, dat klénkt zwar gutt, huet awer mat Gestalte relativ wéineg ze dinn. D'autant plus, well Der Iech zemoos mat deem leschte Punkt, der Reduktioun vun de Steieren, eigentlech Gestaltungsspillraum ewechhuet.

Mee effektiv, Dir sidd eréischt am éischte Joer. An och wa mer Iech de Gefalen net wäerte maachen, Iech eréischt a véier Joer ze jugéieren – mee Dir kënnt drop zielen, och dat wäerte mer natierlech maachen –, sou bleift ze hoffen, datt Der an d'Gäng kommt.

Wa mer Iech gëschter gutt nogelauschert hunn – mir hu jo nëmme dierfe lauschten, net matliesen, déi Prerogativ war jo der Press reservéiert –, da gi mer elo an den nächste Wochen a Méint mat enger sëllege Gesetzesprojete konfrontéiert. Et ass och esou lues un der Zäit, well an den éischte Méint waren d'Depote vu Projeten, déi net just Direktiven oder Traitén transposéiert hunn, dach extreem rar geséit. Dir hat Iech d'Prerogativ gehalen, alles selwer hei wëlle gëschter Mëtten ze presentéieren an Dir hutt dat net Äre Ministeren iwwerlooss. Dat huet natierlech zu e puer Retarden a verschiddenen Dossiere gefouert.

A mir hunn eis d'Fro gestallt, gëschter, wou mer dat héieren hunn, ob Der net awer dem Koalitiounspartner e bësse méi streng Delaie virginn an e bësse méi ewechgeholl hutt bei der Presentatioun wéi Ären eegene Parteikollegen. Mee dat just als klengt Gestéppels niewelaanscht.

Nawell krut Der schonn an der Lescht zolidd Vorschusslorbeeren, op d'mannst emol an der eegener Gemeng. Do gëtt et elo well eng Plaz Luc Frieden, eng Éier, déi nach kengem vun den zwee viregte Premieren an hire respektive Gemengen zougestane gouf. Madamm Polfer – si ass elo leider net hei –, Madamm Closener, do gëtt et also nach Aarbecht! Obwuel nieft dem Ex-Premier zu Mamer warscheinlech och dee viregte Buergermeeschter géng dann esou en Usproch stellen.

Bis elo ass – an do war Är Ried vu gëschter keng Ausnam – an der Ëmsetzung mat e puer Nuancë vill „weider esou“. D'Rhetorik huet allerdéngs changéiert, mat der klorer Zilsetzung, virun allem beim Patronat ze punkten.

Wann een d'Akzenter vun der Regierung kuckt, da kann ee soen, datt verschidde Regierungsmembere sech kommunikativ virun allem extra ervirgedoen hunn. Sief et mam Ignoréieren vum Rechtsstaat, mat enger doutéiser Kommunikatioun, mam A-Fro-stelle vun der kënschtlerscher Fräiheet – ok, bon, dat war elo just alles een an dee selwechte Minister –, mat zweifelhafte Commentairen iwwert d'Press an duerno d'Leugnen dovun, mat 180-Grad-Kéiere par rapport zu deem, wat virdrun an der Opposition gesot ginn ass, an duerno dubiéise Rechtfertigung vun deem Volte-face, oder och nach, sech nei Weeër op de Fändel schreiwen, déi ganz kloer vu grénger Ministerinne